



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le
Parlement

Luxembourg, le 28 juillet 2021

Référence : 839x823c0

Objet : Question parlementaire n°4563 du 28 juin 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet des compétences du Contrôle médical de la sécurité sociale


Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, Monsieur le Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire et du soussigné à la question parlementaire n°4563 du 28 juin 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen au sujet des compétences du Contrôle médical de la sécurité sociale.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale


Romain SCHNEIDER

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n°4563





**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet, vum Aarbechtsminister a vun der
Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 4563 vum Här Deputéierte Jeff Engelen
iwwert d'Kompetenzen vum Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet**

1) Kann d'Regierung präziséieren, wat fir eng Entscheidung bindend ass, wann et zu Kontradiktiounen an den Evaluatiounen vu Contrôle médical a Médecine du travail kënnt, wann also beispillsweis ee Patient vu sengem Aarbechtsdokter als "inapte au travail", mee vum Dokter vu Contrôle médical als "apte au travail" erklärt gëtt?

Grondsätzlech decken d'Décisiounen vum Medizinesche Kontrolldéngscht vun der sozialer Sécherheet (Contrôle médical de la sécurité sociale - CMSS) an déi vun der Aarbechtsmedizin zwou verschidden Saachen of, déi an déi jeeweileg Kompetenzen falen: de CMSS analyséiert op eng Persoun medizinesch "capabel" ass oder net, an den Aarbechtsdokter op d'Persoun "apte" ass fir säin beruffleche Posten oder net. Et ass also net esou dat déi selwecht Fro vun 2 verschidden Instanzen analyséiert a beäntwert gëtt, mee et sinn 2 verschidden Froen déi jeeweils an de Kompetenzberäich vun den jeeweilegen Organismen falen.

Deementspriedend muss hei den Ënnerscheid gemaach ginn tëschent, op der enger Säit, "incapabel" a "capabel" fir ze schaffen an, op der anerer Säit, tëschent enger "Aptitude" an "Inaptitude" op de leschten Aarbechtsposten.

Am éischte Fall ass et esou dat wann den Assuré zum Beispill Krankegeld kritt an de Kontrolldokter no der medizinescher Ënnersichung zur Konklusioun kënnt, dat hien erëm capabel ass fir ze schaffen, dann heescht dat, dat den Assuré keng "incapacité totale de travail" méi huet. D'Krankegeld ass soumat net méi justificéiert.

Dee Moment muss den Assuré also bei de Patron goen, deen d'Persoun kann bei den Aarbechtspartner schécken fir ze kucken op den Assuré op säin leschte Posten ka schaffen oder net (Analyse vun der "aptitude au poste"). Dee Moment kann et awer sinn dat den Assuré wuel erëm capabel ass fir ze schaffen, mä eng "Inaptitude" huet op säi leschten Aarbechtsposten. Dee Moment misst de Patron d'Persoun op en aneren Posten asetzen, déi senger Aptitude Rechnung dréit.

Wann awer am Virfeld de Kontrolldokter mengt dat dës kéint de Fall sinn, saiséiert hien d'Commission mixte fir en eventuelle professionnelle Reclassement vum Assuré. An dësem Fall ass den Assuré an der Prozedur fir de professionnelle Reclassement.

Et ginn natierlech och Fäll wou de Kontrolldokter seet dat en Assuré erëm capabel ass fir schaffen ze goen ouni d'Prozedur vum Reclassement ze lancéieren. Da geet den Assuré kuerz drop bei den Aarbechtspartner, deen dann d'Aptitude analyséiert op säi leschten Aarbechtsposten. Den Aarbechtspartner huet dann och d'Méiglecheet ënner verschidden Konditiounen eng Saisine vun der Commission mixte ze maachen. Prinzipiell awer muss de



Patron der Persoun en aneren Posten proposéieren, déi der Aptitude (déi och zäitlech begrenzt ka sinn) Rechnung dréit.

Fir awer dës Situatiounen an der Zukunft besser ze regelen, gouf en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff mat Verrieder vum Aarbechtsministère a vum Ministère vun der sozialer Sécherheet fir déi bestoend Legislatioun am professionelle Reclassement ze iwwerschaffen.

2) Um Site vum Sozialministär ass am Hibleck op d'Attributioun vum Contrôle médical ze liesen: "Les avis du Contrôle médical de la sécurité sociale à caractère médical et à portée individuelle s'imposent aux institutions concernées. Toutefois, si l'avis du Contrôle médical de la sécurité sociale a été contredit par expertise médicale devant le Conseil arbitral de la sécurité sociale, l'institution concernée juge elle-même de l'opportunité de l'appel." Wat fir eng Institutioun juagéiert iwwer d'opportunité de l'appel: de Conseil arbitral oder de Contrôle médical?

3) Fir de Fall, wou de Contrôle médical dës Attributioun huet: Wou läit den Zweck vun enger medezinescher Expertise, déi vum Conseil arbitral validéiert gëtt?

D'Institutioun, déi d'Gestioun vun der Krankeversécherung assuréiert, ass d'Gesondheetskeess (CNS). De Conseil arbitral de la sécurité sociale (CASS) ass eng Juridiktioun. Wann eng Persoun Krankgeld bezitt, dann ass et un der CNS déi entspriechend Décisioun ze huelen, op Basis vum Avis vum CMSS. Déi medizinesch Avisen vum CMSS sinn och bindend fir d'CNS, grad ewéi fir déi aner Keessen. Dës Décisioun vun der CNS kann dann vum Assuré virum CASS ugefecht ginn.

Wann de CASS op Basis vun weideren Expertisen, déi vum Richter ordonnéiert goufen, den Avis vum Kontrolldokter vun der sozialer Sécherheet net suivéiert an d'Décisioun vun der Institutioun kippt, ass et un der concernéierter Institutioun (an dësem Fall d'CNS) ze decidéieren op se wëll an Appell goen, dat heescht virun de Conseil supérieur de la sécurité sociale goen, oder net. Dës kann net de CMSS decidéieren, mee just déi zoustänneg Institutioun vun der sozialer Sécherheet.